

Den Albert schreift, datt hien uerg verwonnt gewiescht wär an 3 Méint am Lazarett luch. „Ich werde am Dienstag den 14. September aus dem Lazarett entlassen“. Weider schreift hien „dass es ganz neben meine Rechnung gegangen ist . . . denn ich habe gehofft, nach dreimonatiger Zeit im Lazarett wenigstens ein paar Tage Urlaub zu bekommen, was leider nicht der Fall ist“.

Hie gët domat däitlech ze verstoen, datt hie bei engem eventuellen Urlaub „eppes wëlles“ gehat hätt an datt dat nët geklappt hätt. A séngem Wehrpass steet, datt hie vum Oberarzt a vum Truppenarzt „auf Kriegsverwendungsfähigkeit“ ënnersicht gi wär an erëm un d'Front geschéckt as gin.

Säi Brudder Josy schreift fir e Pak Lëtzebuenger Zigaretten an e richtegt Stéck Liefkuch. Och hien huet op Urlaub gewaart, deen nët bewëllegt gin as. Et stëmmt also, datt et nët jidderengem méiglech wor, sech ze verstoppen, wëll si keen Urlaub krit hun . . .

De Josy schreift a séngem Bréif vum 13. 7. 1944 : „Fern der Heimat in schwerer Pflicht, steht euer Bruder, vergesst es nicht“.

Wéi d'Mamm nët méi do wor, hun déi dräi hiren zwou Schwëstere geschriwwen. Et si Bréifer derbäi, wou ech nach knapp entziffere konnt, wat dra steet . . .



Den Néckel wor dee Jéngste vun denen dräi Bridder

Jesus ! Maria ! Josef !

Zum frommen Undenken

un eis le'w Jongen, Bridder, Enkelen, Schwär, Monnien, Neveuen a Cosengen

Albert Dousemont

gebueren zu Nidderkéjeng, de 7. Abröl 1920,
gefall un der Ostfront, den 18. Oktober 1943.

an

Joseph Dousemont

gebueren zu Uewerkéjeng, de 27. Febr. 1922,
gefall an der Ostfront, de 4. Januar 1945.



Nicolas Dousemont

gebueren zu He'weng, de 9. Abröl 1925,
gefall de 5. Oktober 1944, bei San Angelo
(Kesena).

Wan mir och scho hu musse stierwen,
Papp, glèf eis, t'ass net ùrg;
Huef den Tro'scht, datt mir onst Lëtzen,
Higinn hun fir Letzeburg.

Le'wen Hergott, geff hinnen d'e'weg Ro'h !

Imprimerie Meyer & Huber, Pétange.

Deen ee freet no deem aneren, si hoffen, datt de Krich geschwënn op en Enn gëng goen. Et si Bréifer, déi een traureg maachen an ergräifen. Den Albert schreift, datt e russescht Meedchen him e Bläistëft geschenkt hätt am Lazarett fir datt hien him nom Krich sollt schreiwen. Hien huet de Bäistëft sénger Schwëster geschéckt an hatt gebieden, de Bläistëft gutt op d'Säit ze leën an datt näisch drukéim ! Hie konnt deem russesche Meedchen de Wonsch nët erfëllen, hien nom Krich aus dem klenge Lëtzebuerg ze schreiwen.

Allen dräi leien se an der Friemd begruewen. Dat eenzegt, wat nach un si erënnert, sin hir Bréifer, hire Wehrpass an e Bläistëft . . . waarhafteg nët vill . . .

Wat wëssen all déi, déi d'Nimm vun denen dräi Bridder um Monument ze Garnech liesen, vum Verlaangeren, vum Leed a vun der Nout vun denen dräi jonge Leit, déi och herno gär eng Famill gegrënnt hätten a glécklech gi wären an Beloung fir hiren Deel, deen si fir d'Hemecht gelescht hun.

Bleift nach matzedelen, datt de Papp Henri DOUSEMONT de 26. Oktober 1953 am Alter vun 61 Joër zu Héiwéng gestuerwen as. Hie wor bis dohin nach gar eleng an der Wunnéng.